Info aktuell Service
Gemeng Käerjeng
24, rue de l'Eau | Boîte postale 50 | L-4901 Bascharage
Central téléphonique 500 552-1 | Mail info@kaerjeng.lu

# Formatioun fir de Brevet vum Animateur A



D'Gemeng Käerjeng organiséiert am Kader vun hire Vakanzenaktivitéiten déi 8. Formatioun fir den offizielle Brevet vum Animateur A. Dëse Brevet gëtt ausgestallt vum Minister fir Schoulwiesen, Kanner a Jugend. Dës Formatioun riicht sech un Leit, déi am Jugendberäich täteg sinn, déi gären als Animateur „A" fir den Encadrement vu Kanner während Summer- a Vakanzaktivitéiten (Dagesaktivitéiten ouni Iwwernuechtung) schaffen am Kader vun der non-formaler Bildung. D'Formatioun beinhalt en theoreteschen Deel wéi och e prakteschen Deel. Hei kriss du en éischten Abléck iwwert de soziale Secteur am Land, déi non-formal Bildung an d'Organisatioun vun de Vakanz- a Fräizäitsaktivitéiten an eiser Gemeng. Méi Informatiounen fënns de um Internet-site: www.snj.lu an www.enfancejeunesse.lu

## KONDITIOUNE FIR DE BREVET „ANIMATEUR A"

- Dës Formatioun ass fir an de séparaten Summeraktivitéiten (ouni Iwwernuechtungen) geduecht
- Maximum 20 Studenten ginn ugeholl
- Mindestens 15 Joer aal muss de sinn
- Un all de Formatiouns-Weekender muss de deelhuelen (30 Stonnen Theorie) an 20 Stonnen Praxis muss de maachen

## INHALTER

D'Weekender begräife folgendes:

Du léiers verschidden Aktivitéiten ze plangen un Hand vun der Theorie, mee awer och mat ville praktesche Beispiller. Du léiers vill Spiller fir Kanner kennen a wéi's du deng Aktivitéiten organiséieren solls. Ënner anerem léiers du mat schwierege Situatiounen ëmzegoen, Animatiounstechniken, Zesummeliewen am Grupp, Sécherheet, Präventioun a Responsabilitéit iwwerhuelen. Du gesäis wéi ee konkret Aktivitéite preparéiert, organiséiert an ëmsetzt a gëss geléiert eng Vertrauenspersoun fir d'Kanner ze sinn.

## DATUM

- Samschdes, den 28. September, 5., 12. an 19. Oktober an der Maison Relais Bascharage vun 08.00 bis 17.00 Auer.

## PRAKTESCHE STAGE

Nieft deenen 4 Weekender Theorie sinn 20 Stonnen Praxis néideg fir de Brevet Animateur „A". De prakteschen Deel muss du während der Allerhellegevakanz oder Fuesvakanz an eise Strukturen maachen. Hues du awer schonn Erfahrung mat Kanner an Organisatiounen vun der non-formaler Bildung gesammelt (minimum 20 Stonnen) da bass du vum prakteschen Deel dispenséiert. Du muss eis awer dofir e Certificat mat Stempel schécken, dee beweist dass du deng 20 Stonnen an enger anerer Organisatioun gemat hues.

## BEDEELEGUNG UN DE KÄSCHTEN

De Präis ass 35 € (Mëttegiessen fir déi 4 Weekender ass do abegraff)

## WOU KANN ECH MECH MELLEN?

Bass du interesséiert, da fëll d'Aschreiwung aus a schéck se bis spéitstens den de 25. September 2024 op folgend Adress eran:

Administration Communale de Käerjeng
Maison Relais
B. P. 50
L- 4901 BASCHARAGE

Wann's du nach Froen hues, ruff eis un um Telefon 500 552 659 / 650
oder schéck eis eng E-mail un:
luc.speller@kaerjeng.lu

# Umellungsformular

# Formatioun fir de Brevet vum Animateur A

## (Opgepasst: Mindestalter 15 Joer)

## bis spéitstens de 25. September 2024 ofginn

Numm, Virnumm ______________________________

Gebuertsdatum ______________________________

Gebuertsuert ______________________________

Nationalitéit ______________________________

Matricule Sécurité Sociale ______________________________

Hausnummer, Strooss ______________________________

Postleetzuel L-__________ Uertschaft ______________________________

Telefon/Handy ______________________________

E-mail ______________________________

Ech si fir d'Schouljoer 2024/2025 ageschriwwen an der Schoul/Fakultéit

______________________________

Dokumenter déi mat ofzegi sinn: Kopie vun der Carte d'Identité, Certificat de Scolarité

Duerch meng Ënnerschrëft verflichten ech mech fir un der kompletter Formatioun deelzehuelen, déi aus zwee Deeler besteet:

- Eng theoretesch Formatioun mat enger Mëttespaus vun enger Stonn. D'Mëttegiesse gëtt an der Kiche vun eiser Maison Relais preparéiert.
- E praktesche Stage vun 20 Stonnen dee während der Allerhellegevakanz oder Fuesvakanz an eise Strukture gemaach gëtt.

Datum ______________ Ënnerschrëft vun der interesséierter Persoun ______________

Wann d'interesséiert Persoun mannerjäreg ass
Numm a Virnumm vum gesetzleche Vertrieder ______________________________

Ënnerschrëft vum gesetzleche Vertrieder______________________________